



Gemeinsam Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister a vum Här Georges Engel, Minister fir Aarbescht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, op d'parlamentaresch Fro N° 6117 vum 28ten Abrëll 2022 vum Här Deputéierten Fred Keup zum Sujet « Aides à la presse »

- 1) Ass d'Regierung der Meinung, dass garantiert ass, dass d'Wort an d'industriell Aktivitéite vun der Sankt-Paulus-Grupp wäerte wiederbestoen?

De Staat ass net u Mediahuis bedeelegt an huet deemno och keen Afloss op déi zukünfteg Ausrichtung vum Luxemburger Wort. D'Regierung huet keng Informatiounen, dass d'industriell Aktivitéiten vun dëser Dageszeitung net wiederbestoe wärten bleiwen.

- 2) Wat fir Dispositiounen si prett oder gedenkt d'Regierung ze huele fir ze garantéieren, dass Pressehëllef fir d'Luxemburger Wort och hei am Land zweckgebonden agesat gëtt?

Dat aktuellt Pressehëllefgesetz gesäit vir, dass e.a. den Inhalt vun den eligibelen Publikatiounen d'Lëtzebuerger Residenten viséiere muss. Ausserdeem gi just vum Lëtzebuerger Presserot unerkannte Journalisten fir d'Berechnen vun der Pressehëllef a Betruecht geholl. D'Pressehëllef muss zousätzlech och fir Käschten, déi an direkter Relatioun mat der Publikatioun stinn, agesat ginn. Deemno ass garantéiert, dass d'Pressehëllef zweckgebonden agesat gëtt.

- 3) Sollt esou eng Kontroll onméiglech sinn, huet dat eventuell Auswierkungen op de Montant vun der Pressehëllef?

/

- 4) Wat fir Hëllef vum Lëtzebuerger Staat huet de Groupe Saint-Paul bei der Uschafung vun hirer aktueller Rotatiounsdréckerei zousätzlech zur Pressehëllef kënnen an Usproch huelen? Sinn déi Subventiounen domat net nodréiglech a Fro gestallt?

De Wirtschaftsministère huet fir den Investissement an d'Rotatiounsdréckerei keng Bähëllef un de Groupe Saint-Paul ginn.

- 5) Wat fir Garantien iwwert Aktivitéiten zu Lëtzebuerg an Zuel vun de Beschäftegten huet de Groupe Saint-Paul am Kader vu sengem diverse Sozialpläng musse ginn? Sinn déi Verspreechungen agehale gin? Ass am Kader vun deenen Accorden d'Zoumaache vum industrielle Standbeen vum Grupp méiglech gewiescht?

D'Sozialpläng ginn net vum Aarbechtsminister homologéiert.



E Sozialplang ass en Accord, deen tëschent Patronat a Salarariat ausgehandelt gëtt.

Wann d'Verhandlungen net zu engem Accord féieren, mussen d'Parteien, ënner Anerem, zesammen den Office National de Conciliation (ONC) uschreiwen an dëst spéitstens 3 Deeg no der Ënnerschrëft vun de Protokoller vum Desaccord.

Am Kader vum ONC gëtt dann tëschent de Parteie vermëttel mat dem Zil hinnen dobäi ze hëllefen zu engem Accord ze kommen.

An dësem konkrete Fall ass den ONC am Oktober 2020 ugeschriwwe gi fir bei de Verhandlungen ze vermëttelen, mee no zwou Reunioune konnt et net zu engem Accord kommen an et gouf eng non-conciliation festgehalen, esou datt den Aarbechtsminister heizou keng weider Informatiounen ka ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2022

De Kommunikatiouns - a Medieminister

(s.) Xavier Bettel